Projet de loi 6232

1. portant création de l'Agence pour le développement de l'emploi; 2. modifiant - le Code du Travail; - la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat; - la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi ; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet; - la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration; 3. abrogeant la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'Emploi

Här President, Dir Damen an Dir Hären

Fir alleréischt, well ech dem honorablen Lucien Lux Merci soen fir séin ausféierlechen Rapport zur Reform vun der ADEM. Ech gin an menger Interventioun net op all Détail vun desem elo héi virléienden Projet de loi an, mée well op deser Plaaz eng Réi vun Iwerléeungen ustellen, déi sech

1. mat der ADEM als Staatsverwaltung
2. der Problematik vum Chômage selwer an
3. dem Encadrement vun den Chômeuren beschäftegen.

An der leschter Woch hun Déi Greng an och DP hir Méenung öffentlech zur Reform vun eisem Aaarbechtsamt geäussert an et wär gudd, wann hir Kritiken vun der Regierung an, do mée speziell vum Aarbechtsminister, net op déi liicht Schëller géifen gehol gin. Och wann ech net all Iwwerleeung deelen, sin eng Réih vun hiren Remarquen pertinent an sin, an méngen Aen, och eng méi déif Reflexioun wert. Ech deelen allerdéngs net hir Konklusion, datt en de Projet misst oflëenen.

Här President

Zu mengen 1ten Punkt:

Zenter Enn den 90er Joren klemmt den Chômage zu Letzebuerg an esou wéi et ausgesait, sin mer leider nach net um Enn ukomm. Dest as virun allem, vir déi déi betraff sin eng schlëmm a secher keng einfach Situatioun. Ee Mensch – egal op Fra oder Mann – den seng Plaaz verléiert, verléiert och een Steck vun sengem, wat eis daitsch Nopperen, “Selbstwertgefühl” nennen.

A niewt denen, déi hir Plaaz verléieren oder verluer hun, hun mer och nach eng Réi vun Jonken, déi keng Aarbechtsplaaz kréien oder fannen entweder wëll se

keen Schoulofschloss hun oder hir Formatioun ass net um Aarbechtsmaart gefrot.

A wann ee Staat, sprech eis Gesellschat, et net färdeg brengt, des Léit optimal an adäquat ze enkadréieren, da left eppes schief!

A grad op des Herausfuederung misst a sollt desen Projet de loi jo eng Äntwert gin. Op des Reform dest dann och wärt färdeg brengen, datt wäert sech weisen. Mir sin gudder Hoffnung!

Wat sécher kee Geheimnis ass, ass datt d'Adem séngen Missiounen an denen léschten Joeren net méi gerecht wor. Aléng de Chômage ze verwalten, entsprécht net daat wat en haut vun engem modernen Aabechtsamt erwaarden dierf. Mir brauchen dës Reform wéi d'Amen am Gebied – virun allem am Interêt vun denen déi eng Plaaz siichen an och an eiser aller Intérêt, well mat engem weideren Klammen vum Chômage och d'sozial Kohésioun héi am Land a Gefor ass.

Et ass kéng einfach Saach eng Administratioun wéi d'ADEM ze reforméieren an wéi bäi all gréisser Reform wäerten bestëmmt Korrekturen néideg sin. Mä wat sécher ass, ass daat den A an O vun dëser Reform, de Knackpunkt esou ze soen den fir den Erfolleg oder den Echec vun der Reform steet, d'Gestioun an de Management vum néien Aarbechtsamt wäert sin. Wann do sech näischt Fundamentales ännert, dann léit eng éidel Schachtel héi um Dësch. Dann kann dës Reform esou vill gudd Usätz hun wéi se wëll, dann wäert se net gréifen wéi se sollt an näischt wäert sech konkret änneren fir de Chômeur dobaussen. Den Aarbechtsminister muss dowéinst besonnesch groussen Wert op d'Bestëmmung vun der néier Direktioun lëeen an eng sécher Hand hun wann et drëms gëtt die richteg Léit ze nomméieren. Ech bléiwen optimistesch wat dës Fähegkeet vum Här Schmit ugeet.

Wëll wann d'Kompositioun vun der néier Direktioun esou wichteg ass fir de Succès vun der Reform, dann huet datt domatter ze din, datt den Aarbechtsamt och datt néit Gesetz, die néi Bestëmmungen ëmsetzen muss. Or, datt geet net ouni eng staark Direktioun, eng Direktioun déi wëss wou se hi wëll an wéi se daat errechen kann. Wann d'Direktioun net wëss wou den Zuuch fiiert, wéi soll dann den Mataarbechter vum Aarbechtsamt wëssen wou et higeet? Wéi soll hien e Chômeur kënnen gudd beroden an net nëmmen informéieren?

D'Direktioun muss net nëmmen d'Richtung fest lëen oder néi Impulser définéieren, mä sie muss och der ganzer Verwaltung, de Mataarbechter d'Richtung erkläeren an die néi Impulser vermëttelen. Eng Verwaltung, egal

wat fir eng Verwaltung, muss wann se grondleeënd reforméiert gëtt, d'Mataarbechter an d'Reform abannen, wat elo net héscht, datt daat wat villäicht vun de Mataarbechter kritiséiert gëtt net soll kommen, mä datt héscht datt en mat de Mataarbechter schwätzt, datt en mat hinnen kuckt wéi sie sech daat Ganzt virstellen. Et muss en d'Mataarbechter op sénger Säit hun, en muss en se iwwerzecht kréien, net all Enzeelen an net op all Punkt an Detail, mä en modernt Management muss et ferdeg bréngen séng Léit mat zehuelen, séng Mataarbechter ze begleeden um Pprozess vun der Weiderentwécklung vun dëser Verwaltung. Daat héscht virun allem op intern Kommunikatioun an Transparenz setzen.

Et geet awer do net duer eng intern Zeitung ze machen, eng Charte des valeurs ze erschaffen an opzehänken, grouss Informationsversammlungen ofzehâlen, mée et muss mat den Mataarbechter, mat den Servicer geschwat gin. Sin déi eenzel Servicer am Laaf vun den leschten Joren a Méint gefrot gin, wéi sie sech des Verwaltung an der Zukunft virstellen? Wat hiren Point de vue as? Oder huet ee klengen Group eppes ausgeschafft an elo gréift den Prinzip: mer hâlen eng Réunioun off, informéieren Léit an mache mer et! Et sin jo entretemps – obwuel d'Gesetz nach net gestemmt war – schons eng Réi vun Ännerungen komm. Esou sin néi Léit agestallt gin, néi Prozeduren sin agefouert gin an eng extern Firma enkadréiert, begleet des Ännerungen. Op awer eng Firma aus dem Privatsekteur administrativ staatlech Prozeduren optimal begleeden kann – do hun ech meng Douten. Ech muss awer fairerweise soen, datt ech kéng aner an besser Léisung wéist.

Fakt as, wann d'Mataarbechter vun der ADEM net vun deser Reform iwerzeegt sin, wäerten sie se net matdroen, an dann wärt och – färten ech – d'Resultat net dat sin, wat mir éis vun der Reform all erwarten an erhoffen. Den gréissten Défi stellt d'Ëmsetzung vum Projet de loi duer, den just e Réibau duerstellt, Réibau den vum Aarbechtsamt, vun sénger Direktioun an séngen Mataarbechter soll ausgebaut gin.

Här Président,

Wat elo die juristesch Natur vum néien Aarbechtsamt ugeet, do ass de Choix net op d'Form vun engem Etablissement public gefall - obwuel dëse Choix an der leschter Legislaturperiod ugeduecht an vun der demolleger Chamberskommissioun rekommandéiert gin as –, mée do ass den Regime vun enger Staatsverwaltung zeréck behaalen gin. Dësen Choix ass awer nemmen zum Deel novollzeibar. Zoumols well den Minister jo op Externer aus dem Privatsekteur zreckgréift vir des Reform emzesetzen. Et kann een sech d'Fro

stellen op awer dach net den Schrëtt zum Etablissment public méi logesch gewiecht wier. Ech machen keen Heel draus, dat den Etablissement public vir mech den besseren Choix gewiecht wär. D'Argument, dat des Emwandlung d'Aarbechtsamt op Joren duerzou verdammt hät, sech nemmen mat sech selwer ze beschäftegen, hält, an méngen Aen, Stross net. Mä dës Fro soll awer elo kéng Prinzipienfro gin vun der d'Ofstëmmung vum Text géif ofhänken. Ausserdem huet d'Kommissioun an hirem Rapport jo zeréck behaalen gegebenfalls op de Choix vun der Personalité juridique zeréck ze kommen.

Dir Damen, Dir Häre,

Ech kommen elo op méin 2ten an 3ten Punkt, déi enk matenaner verkneppt sin, an zwar den Chômage selwer an den Encadrement vun denen, déi no enger Aarbecht sichen.

D'Loi organique vun der ADEM kennt aus dem Joer 1976 mat der enger oder anerer Adaptatioun am Laaf vun den Joren. D'Gesetzgebung ass net méi zaitgeméiss an dréit weder dem Wandel vun der Gesellschaft nach dem vum Aarbechtsmaart Rechnung. Esou huet sech d'Zesummensetzung vun den Salariéen geännert – méi Fraen sin beruffstäteg, et schaffem emmer manner Léit an der Industrie, et kommen all Daag méi Frontalieren op Letzebuerg. Op der anerer Sait, och wann eisen Emploi geklomm as, esou as awer och eisen Chômage geklomm. All des Komponenten bréngen mat sech, datt de Chômage hautdesdags net e Phenomen ass den nemmen ze géréiert ass, mée dat aktiv un den Chômage muss ugoen. Eng modern Aarbechtsamt muss den Demandeur d'emploi – op een elo Chômage kritt oder net – enkadréieren, beroden, forméieren. D'Ziel as a bleiwt d'In-an d'Réintegratioun op den Aarbechtsmaart an dat esou schnell wéi méiglech.

Dat dest net einfach as, as eng Tatsaach. All Persoun as anescht, huet hiren Vécu an hir Virstellungen. Et as awer d'Aufgab vum Aarbechtsamt dovir ze suergen, dat den Encadrement sech net nemmen op d'Verwalten, méi op eng réell Begleedung kann fokuséieren.

Dat mer héi am Land ee strukturellen Chômagesproblem hun, as bekannt. Mée wat maache mer dergéint? Get en fiabel a valabel Bestandsopnam vun den Demandeurs d'emploi, déi bäim Aarbechtsamt ageschriwen sin? Wann jo, kann een se kréien? Wann née – virwat get et se net?

Alleng d'Ausso, dat méi wéi 40% vun den Demandeurs d'emploi nemmen eng Obligation scolaire hun, get mir als Ausso net duer. Fir kennen besser en

Demandeur d'Emploi encadréieren an orientéieren, brauch een menger Ménung opmannst

1. den Détail, wat vir een Niveau scolaire mat der genéer Richtung déi Léit hun,
2. wou se hir Schoul gemaach hun, an welchem Land,
3. wéi as des auslännesch Schoulausbildung mat eisen Schoulsystem verglaichbar
4. wat hun se op hir leschter Schaff gemach,
5. wat hir Sproochkompetenzen sin, …

Nemmen wann een des Informatiounen huet, as et och méiglech individuell mat Jiddverengem ze kucken, welch Perspektiven um Aarbechtsmaart fir dës Persounen bestin.

D'Zuelen, déi all Mount am Comité de conjocnture publizéiert gin, sin net détailléiert genug vir kennen optimal ze handeln. Well, wéi as et soss erklärbar, dat Entreprisen Léit mat enger nidreger Qualifikation siichen an ennert denen zeg Dausenden vun der ADEM awer keen fannen ? Dest as net normal an och net vertrietbar!

Här President,

Et kann een sech jo mol Froen stellen, wat geschitt mat enger Persoun, déi um Aarbechtsamt virstelleg get? Get des Persoun esou begleed, dat heen all déi Informatiounen kritt, déi en brauch vir erem um Aarbechtmarché Fouss ze fassen? Wat geschitt, wann Defiziter konstatéiert gin? Get do zesummen mat him an aneren gekuckt, wat méiglech an virun allem realistesch as?

An desem Kontext erlaabt mer eng kuurz Klammer opzemaachen: Wat deen elo genannten „conseiller professionnel" ubelaangt, et get ganz secher net duer Nimm ze changéieren an ze mengen mat deser Ännerung wären och d'Problemer geléist! Mir as et eigentlech egal op dat een Placeur as oder een conseiller professionnel. Dat eent klengt just besser, wéi dat anert! Wichteg an essentiel as, dat desen Mataarbechter vum néien Aarbechtsamt seng Aarbecht mescht an zwar gudd am Intérêt vun dem, den eng Plaaz siicht!

Ech kann nemmen begréissen, dat den Recrutement vun den Mataarbechter sech net nemmen nom Prinzip vun den Staatskarrièren mescht, mä datt do versiicht get néi Recrutementswéer anzeschloen. Bezuelt get awer weiderhin nom Barème vum Staat, wat den Recrutement awer net einfach mescht, well esou gudd an engagéiert Mataarbechter zwar ze fanne sin, mée awer d'Bezuelung ze

wenschen iwreg léisst. Den Staat hut et bis ewell nach net färdeg bruecht Kompetenzen, déi een sech net iwert een Diplôm, mä duerch Beruffserfahrung ugeegnet huet, adäquat ze renunméréieren. Dest as schued.

Derbéi kennt nach, dat elo an der néier Verwaltung et verschidden ennerschiddlech Statuter vun den Mataarbechter gëtt: alles ass dran vum Fonctionnaire bis zum Indépendant. Dest as keng gesond an optimal Situatioun vir an der Equipe ee Gemeinschaftsgefill ze schaffen; Reiwerréien an Kompetenzstrait sin virprogramméiert.

Dir Damen, Dir Häre

Een aneren Aspect, den och anescht misst ugepackt gin, as den vun der Formatioun vun den Mataarbechter an zukünftegen Mataarbechter. Zwar get am Gesetzestext vun Formatioun geschwat, mée ouni wieder Detailer oder Précisiounen. Fir wat net op den Wee goen an eng méi professionnel Formatioun vun den Mataarbechter gesetzlech fest schréifen, wéi daat béi verschiedden vun Noppeschlänner de Fall ass? Ech denken, datt hautdesdags eng Basisqualifikatioun, sprécht e Bac, net duer geet fir den Defis'en vun der Gestioun vum Chômage gerecht ze gin.

Aarbechtsrecht, Economie, Beruffswelt, Prospektioun vum Aarbechtsmarché fir just e puer Beräicher ze zitéieren wou denen sech d'Mataarbechter mussen auskënnen kann en net iwwert de Wee vun e puer Formatiounen léieren. Net ze schwätzen vun dem professionnellen Emgang mat Léit, déi sech an enger vir sie dramtescher Situatioun befannen: den Verloscht vun enger Aarbechtsplaz oder vie vill Jonker den fait, dat den Aarbechtsmarché sie net wëllt. Wär et héi net besser gewiescht, méi précis an verbindlech d'Formatiounen am Gesetz virzegsin ?

Iwwert Kenntnis vun der Beruffswelt eraus, ass et och wichteg, datt d'Mataarbechter de Schoulsystem vun denen léschten Joerzéngten net nëmmen héi zou Lëtzebuerg mä och bäi éisen Noppeschlänner kënnen.

De Grond ass einfach: wann eng Persoun sech op der ADEM aschreiwt, dann muss jo des Verwaltung wessen, wat as seng Formatioun, séng Ausbildung am hautegen Kontext wert? Oder wann d'Schoulen am Ausland gemaach gin sin, wéi gesin mir dat héi zu Letzebuerg?

Des Iwerléeung gelt awer net nemmen vir den Demandeur d'emploi, mée och vir den Employeur. Wann den conseiller professionnel sech naischt ennert dem Profil vun der offréierter Aarbechtsplaaz ka virstellen, déin de Patron era gin

huet, dann as et bal nemmen normal, dat Offer an Demande net zesummen kommen.

Ech wär dowéinst méi berouegt wat des Reform ugeet, wann d'Formatioun vun den Mataarbechter schons méi solid an d'Gesetz verankert gin wir, och wann dest vir den Staat méi Personalkeeschten bedéit hät.

Här President, Dir Damen, Dir Hären

Een aneren Problem vun eisem Aarbechtsmaart as den, dat déi Léit, déi zu Letzebuerg op der Siich no enger Aarbecht sin, net qualifizéiert oder ënnerqualifizéiert sin. Entweder hun die Léit net vill Schoulen gemaach respectiv hun fréihzeiteg mat der Schoul obgehaalen éier se iwwerhaapt en Diplom hatten oder dës Léit hun zwar en Schoulofschloss, eng Qualificatioun, déi awer um Aarbechtsmaart net gefrot sin.

Zannter datt éis Wirtschaft sech op Déngschtléschtungen spézialiséiert huet, ass éist Land een Land wat héich qualifizéiert an héich speziliséiert Salariéen brauch. An héi léit och een vun eisen Haaptproblemer um letzebuerger Aarbechtsmaart. Wann méi wéi 40% vun den ageschriwenen Chômeuren net méi wéi eng Obligation scolaire kennen noweisen, dann as et schwéier doraus eng Main- d'oeuvre qualifiée mat engem Bac plus ze machen! An dorunner kann d'Aarbechtsamt näischt änneren. Do sin anner Acteurs'en zoustänneg an gefuedert, wéi zum Beispiel d'Schoul, déi éis Kanner ausbilden, mä och d'Elteren an finalement die staatlech Berodungsservicer.

Plaazen gin vun der Ekonomie geschaffen an sie bestemmen och den Niveau de qualification. Et soll een zu Letzebuerg emmer am Aa behâlen, dat mir eis an enger Groussregioun bewegen an den natioanlen Aarbechtsmarché net op eise Grenzen Halt mescht. A wann mir et net färdeg brengen – alleguer zersummen – eis national Main d'oeuvre esou ze qualifizéieren, dat se op eisem Aarbechtsmarché kann bestoen, dann hun mer effektiv schlecht Kaarten. Mir brauchen dowéinst un alleréischter Stell eng national koordinéiert Schoul-, Orientatiouns- an Aarbechtsmaartpolitik.

Ech wiélt kuurz an dem Kontext op die néi entstoend Maison de l'Orientation agoen. Et as nemmen ze begréissen, dat esou eppes endlech kennt. Héi wärt d'Beruffberodung vum Aarbechtsamt, d'ALJ (Action locale pour jeunes) an den CPOS (Centre de psychologie et d'orientation scolaire) der Edukatioun, an och eng Permanence vum CEDIES vum Héichschoulministère an och en Departement vun SNJ (service national de la jeunesse) zesummen op enger Plaaz regroupéiert sin. Hirt Objektiv as et sech em Jonker an awer och

d'Erwuessener ze kemmeren, déi eng Berodung, eng Informatioun iwert d'Beruffer, Formatiounen, Formation continue brauchen an siichen.

Des Servicer schaffen um Terrain schons zenter laangem zesummen, sie waren awer bis ewell op verschidden Lokalitéiten vespreet an et as ze hoffen, dat mat enger gemeinsamer Lokalitéit och vir den Public d'Siich no Äntwerten op hir Froen an den Beraicher Formatioun, Orientatioun an Beruffswiel méi einfach get. Zumindest fannen se déi zoustänneg Servicer elo op enger eenzeger Plaaz erem.

Dest as een eischten Schrett an déi riichteg Richtung an et bleiwt ze hoffen, dat ennert dem Begreff vun der "orientation tout au long de la vie" een nationalt Konzept entsteet, dat des elo mol reimlecht Zesummféieren op laang Siicht och eng Kéier zu enger enheetlecher Politik wärt gin.

Vir riichteg verstannen ze gin: ech plaidéieren héi net, dat d'Schoul oder d'Formatiounsoffren sech alleng an exklusiv nom Aarbechtsmarché sollen orientéieren. Jiddvereen huet dat Recht an d'Fraiheet ze léieren, ze studéieren wat een well an kann, mée et soll een daat och an der Kenntnis vun der Realitéit vum Aarbechtsmarché machen.

Et geseit een also, dat et sech béi der Léisung vum Chômageproblem net nemmen em een rengen Problem vun der mathematescher Adäquatioun handelt. Ze mengen, den Chômageproblem mat der Reform vun der ADEM kennen ze léisen, as eng Illusioun an et liit een sech do an die eegen Tesch.

D'Aarbechtsverwaltung as a bleiwt den Vermettler teschent Offer an Demande an kann selwer keng Plaazen schaffen!

Wa mer wellen, dat den Chômage zu Letzebuer eroff get, dann mussen all d'Akteuren un engem Strang zéien. An net nemmen déi staatlech Akteuren, mée och d'Sozialpartner. An dest as emsou mée wichteg, wann een sech den Encadrement vum Demandeur ukuckt.

Här President, Dir Damen, Dir Hären

Mat dem Projet wellt Regierung dann och een méi individuellen Encadrement vum Demandeur d'emploi aféieren. Dest Approche fennt meng voll Ennerstetzung an et gouf och Zait dest gesetzlech ze verankern.

An héi machen ech dann nach eng Kéier drop opmierksam, wéi wichteg et as, ze wessen mat wem een et ze doen huet, wat des Persoun kann a wat ze machen

well. Een valablen an konkluanten Encadrement as nemmen méiglech, wann een dat weess.

Eis Ekonmie as am permanten Wandel an déi Léit, déi eng Plaaz sichen, brauchen oft eng Zousaatzqualikatioun respektiv esouguer eng néi Qualifikatioun. An aus desem Gronn as et och extrem wichteg, dat déi verschidden statlech Instanzen, Ministären mateneen schwätzen an plangen.

Et as jo esou, dat d'Aarbechtsamt selwer an denene allermannsten Fäll Formatiounen organiséiert. Sie gréift dovir op aner Strukturen zreck an as op eng gudd Zesummenaarbecht héi an éischter Linn mat den CNFPC (centre de formation professionnelle continue) vun der Edukatioun ugewiesen.

Et freet een sech awer op dest op Dauer gesin, déi beschten Solutioun as. Et kann en sech froen op d'Aarbechtsamt net selwer misst Formatiounen ubidden. Ëmmerhin ass eng vun den Missiounen vum Aarbechtsamt jo déi vun der Formatioun. Et soll en sech die Idde vum Aarbechtsamt als Formationsubidder duerch de Kapp goen lossen. Wat awer schon ze begréissen ass, ass de Fait, datt den Projet de loi den schons informell bestoenden Komitee, den sech em d'Organisatioun an den Bien-fondé vun Formatiounen vir d'Demandeur d'emploi kemmert, formaliséiert get.

Här Président,

De Projet de loi huet, trotz der enger oder anerer méi kritescher Remarque, déi ech gemaach hun, den Accord vun der CSV-Fraktioun. Summa summarum ass et en Text, den vill gudd Usätz huet an den verdéngt zum Droen ze kommen. Mir wäerten en Aen drop haalen wéi sech daat Ganzt weiderentwéckelt an emgesat gëtt.

Ech soen Iech Merci

Marc Spautz

15.12.2011